N° 8255
Entrée le 17.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8255 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Et ass gewosst, datt esou Materialien an Internetsitten existéieren, an déi ginn natierlech och genau analyséiert.

Wéi am Gesetz definéiert, baséiert de sougenannte Sproochentest, deen Test, deen ee gepackt muss hunn, fir déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, op dem Niveau A2 fir de mëndlechen Ausdrock an dem Niveau B1 fir d'Héierverstoen. Den Institut national des langues Luxembourg (INLL) exekutéiert dës Tester fir de Ministère de la Justice.

De Contenu vun dësen Niveauen, also déi Saachen, déi ee sproochlech leeschte muss kënnen, fir esou een Niveau ze erreechen, sinn am Europäesche Referenzkader fir Sproochen definéiert an och fir all Mënsch zougänglech.

Déi Leit, déi sech also gewëssenhaft op deen Exame virbereeden, kennen d'Thematiken, déi op se duerkomme kënnen a riichten hir Virbereedung duerno aus. Et ass gewollt, datt d'Leit sech op dësen Examen, wéi och op all aneren Examen, virbereeden. Dofir huet z.B. och den INLL Beispiller vu méiglechen Examensfroen op sengem Internetsite.

An dësen Iwwerleeungen ass et dann och net aussergewéinlech, datt verschidde Sproocheschoulen um Internet oder och soss, d'Leit op dësen Test geziilt virbereeden. Dat ass legitim, natierlech nëmmen esou laang, wéi keen authentescht Material vum INLL, deen dësen Test jo ausschafft an och duerchféiert, agesat gëtt.

**Ad 2)**

Et ass effektiv esou, datt um Internet Opnamen aus esou engem offiziellen Test opgedaucht sinn. Et gouf direkt reagéiert an déi betraffen Opname goufen direkt aus dem Roulement vun den Tester erausgeholl. Och gouf eng Mise en demeure mat Undrohung vu Plainte ausgesprach, well op deenen Opnamen Mataarbechter vum INLL ze héiere sinn, dat ouni deenen hiert Averständnis.

**Ad 3)**

Am INLL gouf eng nach méi grouss Aarbechtsgrupp geschaf, fir ëmmer méi Material auszeschaffen, an esou ëmmer méi verschidden Testversiounen esou séier wéi méiglech, asetzen ze kënnen.

Bei der Analys vun de Chifferen a Relatioun mam Sproochentest konnt net festgestallt ginn, datt, zanter der Apparitioun vun esou Offeren, fir präzis op de Sproochentest virbereet ze ginn, vill méi Leit e packen. Wa mer eis elo just déi lescht Joren ukucken, hunn am Schouljoer 2020/2021 63 % den Test gepackt, 2021/2022 waren et der 67 % an elo am leschte Schouljoer 2022/2023 och erëm 67 %. 2017/2018 waren et der awer nach 74 %.

**Ad 4)**

Beim Material, dat aktuell zirkuléiert an heemlech beschaaft gouf, stellt sech natierlech d'Fro vun den „droits d'auteur". Heizou kann ech äntweren, datt eng Expertise leeft an un engem Reglement geschafft gëtt, dat dës Rechter präziséiere wäert.

Lëtzebuerg, de 16. November 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH